# Lëtzebuergesch Reaktiounen op d'Wal vum Simone Veil (CLT, 18. Juli 1979)

**Source:** Élection à la présidence du Parlement européen / LOUISE WEIS, Simone Veil, commentaires : Jean Wolter.- Strasbourg: CLT [Prod.], 18 juillet 1979. CLT-UFA, Luxembourg. - (06:47, Montage, Son original).

**Copyright:** Transcription CVCE.EU by UNI.LU
Tous droits de reproduction, de communication au public, d'adaptation, de distribution ou de rediffusion, via Internet, un réseau interne ou tout autre moyen, strictement réservés pour tous pays.
Consultez l'avertissement juridique et les conditions d'utilisation du site.

**URL:**
http://www.cvce.eu/obj/letzebuergesch_reaktiounen_op_d_wal_vum_simone_veil_clt_18_juli_1979-lb-321714b0-4609-4b8a-8a09-a0601112afc1.html

**Date de dernière mise à jour:** 03/07/2017

[Journalist] D Madame Simone Veil ass déi éischt Präsidentin vum éischten direkt gewielte Parlament. Dat mag een, ouni eppes géint d Persoun vun der Giscardienne ze hunn, aus Lëtzebuerger Siicht bedaueren; um demokratesche Resultat ännert et näischt. Nodeem et hir am éischten Tour net duergaang war, huet d Madame Veil et am zweeten Tour gepackt. D Alterspräsidentin, d Madame Louise Weis, huet de Verdikt vun der geheimer Ofstëmmung kuerz no halwer zéng gëschter owend proklaméiert.

[Louise Weis] Voici le résultat du scrutin. Nombre de votants : 404. Bulletins déposés : 400. Bulletins blancs ou nuls : 23. Suffrages exprimés : 377. Majorité absolue : 189. Ont obtenu : monsieur Amendola 47 voix, madame Veil 192 voix.

[Journalist] Den italienische Sozialist Zagari krut 138 Stëmmen. D Décisioun war gefall: d Madame Veil ass Präsidentin vum Europaparlament. Wa si sech iwwert d Ofstëmmungsresultat gefreet huet, da wosst si déi Freed hannert engem éier killen Toun ze verstoppen, wéi si kuerz Merci gesot huet.

[Simone Veil] Je voudrais vous remercier tous pour la grande preuve de confiance que vous m avez donnée en me nommant à ce poste éminent.

[Journalist] Um Plang vun der Demokratie a vum europäische Fonktionnement ass domat eng kloer Situatioun geschafen, wann och d Lëtzebuerger gëschter owend hei zu Strossbuerg net grad begeeschtert waren. Well den Här Thorn hat et jo an eiser Table ronde gëschter owend zouginn: wann d Madame Veil net genuch Stëmme kritt hätt, wier hien am drëtten Tour Kandidat ginn. D Madame Veil huet den Här Thorn an deem Sënn also eng zweete Kéier geschloen, doduerch datt si gëschter owend déi absolut Majoritéit krut. An de Couloiren ass dat Resultat vill komment éiert ginn. Et ass tatsächlech net nëmmen a Lëtzebuerger Kreesser vill vun der Ax Paräis-Bonn geschwat ginn, mä anersäits war d Resultat kloer, an ënner den éischten, déi dat unerkannt hunn, war dem Här Thorn seng Fraktiounskollegin, d Colette Flesch, déi kuerz awer nach un d Virgeschicht erënnert huet.

[Colette Flesch] D Wal ass jo ugaang ënnert deene Virzeechen, déi mir all kennen, an déi ons vläicht net ganz vill Freed gemaacht hunn. Si huet sech jo awer dunn normal a regulär, géing ech soen, ofgewéckelt. D Madame Veil ass gewielt op eng knapp Majoritéit, mä si

ass gewielt, a si ass elo fir déi nächst Zäit de Präsident vum Europaparlament. An ech mengen, mir sinn alleguerte gutt Demokraten: dee Vote ass ganz kloer, an e léisst keen Doute zou.

[Journalist] Douteë bleiwe vläicht awer, well déi wäiss Ziedelen net als Suffrage exprimé gegollen hunn. Den däitsche Sozialist Arendt huet sérieux Bedenken ugemellt, an wann een d Cour de Justice géing befaassen, kënnt eng interessant Diskussioun opkommen. Et ass jo och nach net geklärt, ob de Mandat vun der neier Präsidentin zweeanhallef Joer leeft, sou wéi déi biergerlech Parteien dat gären hätten, oder nëmmen ee Joer, wéi d Sozialisten an déi kleng Gruppen et virgeschloen hunn. Mä zréck bäi d Resultat vu gëschter owend a bäi déi lëtzebuergesch Kommentären dozou. Den Här Jean Wolter vum chrëschtdemokratesche Grupp huet d Resultat vun zwou Säiten hir gekuckt; fir d éischt als Member vum chrëschtdemokratesche Grupp, dee jo d Kandidatin Veil op Grond vu fréieren Ofmaachungen ënnerstëtzt hat.

[Jean Wolter] Mir woussten allerdéngs, datt bäi eenzelne Membere vun der chrëschtdemokratescher Fraktioun t ass déi eenzeg, wou mir d Situatioun vu bannen era kannt hunn datt do gewëss Retissenzen géint eng Kandidatur vun der Madame Veil waren, mä et huet sech awer elo erausgestallt, datt déi Stëmmen, déi si do net kritt huet, awer net duergaang sinn, fir hir am zweeten Tour d absolut Majoritéit ewechzehuelen. Wann ech d Saach natierlech vum lëtzebuergesche Standpunkt aus gesinn, da kann ee soen, datt mir eise fréiere Staatsminister, den Här Thorn, dee jo bereet gewiescht wäer, d Präsidentschaft ze iwwerhuelen, datt dat jo besonnesch an dëser schwiereger Period, wou och héchstwahrscheinlech d Sëtzfro opgeworf gëtt, datt dat vu Lëtzebuerg aus gesinn en Avantage gehat hätt, wann hien d Präsidentschaft gehat hätt an domat och d Intérête vu Lëtzebuerg am Kader vum Europäesche Parlament hätt kënne vertrieden. Et ass also méi eng nuancéiert Haltung, déi mir mussen anhuelen als chrëschtdemokratesch Fraktioun vum Europaparlament. Wéi gesot ass d Resultat esou, wéi et gewënscht ginn ass, mä vum Lëtzebuerger Standpunkt aus kréie mir et natierlech an deenen nächste Joeren héchstwahrscheinlech méi schwéier.

[Colette Flesch] Wann ech do vläicht nach kéint enchaîneren: ech géing och soen, an der Politik muss ee wëssen, e Stréch ze zéien. Déi Wal ass elo gaang, si ass konform zu deenen Accorden, déi getraff gi woren, an ech mengen, doriwwer kann ee sech jo awer nëmme freeen, dass dat esou gelaf ass. Wat den Här Wolter elo gesot huet iwwert d Suergen, déi mir ons musse maache fir d Zukunft, déi sinn den Owend vläicht bäi ons hei, wéi mir hei versammelt sinn, nach méi grouss, well no deenen Informatiounen, déi de Moment zirkuléieren, géing et schéngen, wéi wa Lëtzebuerg iwwerhaapt kee Member am Büro vum Europaparlament hätt. Dat wäer fir d éischt, dass eng Nationalitéit a sou engem Büro ausgeschloss wäer. Ech mengen, mir

sinn alleguerte solidaresch fir ze versichen muer de moien mat alle Mëttelen, dass do déi Traditioun, déi seit eenanzwanzeg Joer am Europaparlament besteet, och nach weiderbesteet, mä wann dat géing esou goen, da misste mir ons ganz echt Suerge maachen iwwert d Zukunft, déi mir kënnen am Kader vum Europaparlament erwaarden. Dat sief net aus nationalisteschen Iwwerleeunge gesot, mä dat soll er ausgesot sinn aus der Suerg, dass de Büro, dee jo ganz präzis administrativ Fonktiounen am Europaparlament huet, dass et mir schéngt, dass dee Büro gutt berode wäer, wann en all d Nationalitéiten a sengem Kader géing ophuelen.

[Journalist] Haut de moien also déi offiziell Usprooch vun der Presidentin Simone Veil, an de Mëtteg ginn déi aner Posten am Präsidium besat. Domat fir elo zréck op Lëtzebuerg.